# d'Peffermillen

Am Februar 82 huet forum en Dossier iwwer de Manktem u bëllege Wunnénge bruecht. Zënterhir as d'Situatioun nët besser gin, am Géigendeel. Am Juni 82 hun op eng fingéiert Annonce an der Zeidung ("Appartement, 2 chambres, à louer, 7ooo frs.,tel....") bal 2oo Leit sech gemellt. Iwwer d'Halschent vun hinne ware scho méi laang wéi 3 Méint op der Sich, schreift d'tageblatt (29.9.82). An den Auteur schléisst säin Artikel:"Es gibt in Luxemburg akute Wohnungsnot, sie wächst von Tag zu Tag. Gerade auch im Gefolge der Wirtschaftskrise droht von hier aus eine weitere Variante der sozialen Verelendung, die einmal mehr in erster Linie die schwächsten Einkommensgruppen treffen wird". - "Die öffentliche Hand, also der Staat und die Gemeinden, werden sicher stärkere Anstrengungen unternehmen müssen, um den Bau von öffentlichen Mietwohnungen zu erschwinglichen Preisen voranzutreiben." Awer wat soll eng Gemeng da maachen, wann en Trainings(!)terrain fir e Footballclub scho 17 Milliounen an een eenzeche Conservatoire 1ooo Millioune kascht. Et kann een nët alles maachen. Nediirt? csst

De Koschter as secher nët prüd an e Film mat enger plakeger Fraebroscht kann e nët weider opreegen. Wat en awer dëslescht am "Eldorado" als Virspill gesin huet, fënnt de Koschter einfach obszön. An engem pseudo-opkläreresche Film iwert Haiti gouf des laangen an des breeden e reliöse Ritus gewise bei deem Fraen a Männer sech ënnert engem hellege Waasserfall wäschen. D'Fraen din dobei hiert iewescht Gezei grad wi d'Männer aus. De Regisseur huet déi Situatioun natierlech voll ausgenotzt ... De Koschter as entsat iwert dee primitive Rassismus: schwaarz Fraen däerf een ouni Risiko plakeg filmen, a wat hun di Wëll vun Haiti nach fir eng primitiv Relioun! Mat europäesche Fraen hätt en sech dat ni erlabe können. Mä déi hu jo och keng su "interessant" Relioun. Di kathoulesch Sexualmoral verbidd anscheinend nëmmen den Exhibitionismus an den eegene Reien, e Protest géint rassistesche Voyeurismus schéngt do nët virgesin.

D.W.

Wi all Joers huet de Koschter och neess e Bléck an de Budgetsprojet fir 1983 geworf a muss eemol méi di al Leier sangen: D'Krediter fir d'Entwécklungshëllef klamme su gudd wi guer nët am ordinäre Budget (+3,12%) a falen ëm 39,3% am extraordinäre Budget, während d'Ausgabe vum Staat am ganzen ëm 6,5% klammen, déi fir d'Arméi suguer ëm 8,5%. Vun den o,7% vum Bruttosozialprodukt, déi ons Politiker scho säit 197o versprieche si mer ëmmer méi wäit eweg, dobäi schwetze mer mol nët vu Geldentwertung etc. Di schéi generéis Rieden, di muench Deputéiert beim Gesetz fir e Statut vun Entwécklungshelfer gehalen hun,si, wann ët ëm Mënz geet, scho vergiess.

m.p.

E Samschdeg, 23.Oktober gouf, mat ville bekannten Inviteën aus dem öffentleche Liewen, am Gronn en *"Haus vun de Kanner"* opgemat - nët ageweiht, well den Här Paschtouer sech nët mat dëser Initiativ solidariséire wollt. De Comitee, deen dës Initiative mat dréit, hält nämlech sënger Meenung no d'Leit aus der Kiirch eraus. Datt den Här Drees *d'Haus vum Paschtouer* scho vrun e puer Joer op den Cents verluecht huet, hun déi Grënnesch schon deemols nët ganz solidaresch fonnt. Do uewen, e Stack méi héich, as et sécher méi einfach, matt kathoulesche Veräiner dat klassescht Porliewen duerchzezéien, an hien huet och ënner Emstänn domatt genuch ze din. Mä esou "Faits divers" stellen dach d'Fro no enger ugepasster Pastoral fir d'Virstied. Datt si nët sou einfach opzebauen as, scho wéinst der ganz eegener Zesummensetzung vun der Bevölkerung, dierft kloer sin. Mä datt et méiglech as, matt deene richtigen Ustéiss vu baussen Eegeninitiativen ze provozéieren an Usätz fir eng lieweg Gemeinschaft ze schafen beweisen niewt dem "Haus vun de Kanner" (am Pafendall gët et och schon eent) nach eng ganz Rei aner Realisatiounen. Kann d'Kiirch dat nët? csst

An sënger Nr.5o iwert d'Lëtzebuerger Press hat de Koschter vrun däer Machtballung gewarnt, di och d'Pressefräiheet kënnt a Gefor brëngen, wann den LW-Direkter gläichzäiteg am RTL- Verwaltungsrot sëtzt. An Tëschenzäit huet de Koschter leider scho recht kritt. Ee Journalist gouf schons an d'Sportredaktion ofgeschubbst an zwee Speaker goufe vun haut op muer virun d'Dir gesat, ob ee bestëmmten Drock hin. De Koschter fënnt, dass aner Redakteren op RTL oft méi e schlëmmt Getuddels opféieren (ouni dass se e Sproochfeeler hätten). Gläichzäiteg verstäerkt sech eng Tendenz, di et scho virun deenen Ännerungen am Verwaltungsrot gouf: all Journaliste kréie nëmme méi e Kontrakt op Zäit. Wat dat u Selbstzensur a Meenungsonfräiheet bedeit, fir d'Arbechtsplaatz ze retten, ka bal keen aneren noëmfannen. Schlëmm fënnt de Koschter awer, dass och eng Gewerkschaftszeitung wi d'tageblatt" kaum géint esou Aarbechtsbedingunge protestéiert. Mä wann ët heescht, den t-Direktor wär dee nexte Kandidat fir an den RTL-Verwaltungsrot versteet ee vläicht muenches ...... m.p.

De Koschter as bestëmmt dee leschten deen dergéint wär, dass e Vollék a Museën séng Vergangenheet erëmfënnt, sech mat hir auserneesetzt, aus hir léiert. Nieft enger ganzer Rei vu Krichsmuseën (Clierf, Woltz ...) as den Escher Resistenzmusee leider eng eemoleg Ausnahm. E Friddensmusee as nach néierens geplangt. Mä di Dikrecher Geschichtsfrënn hätten och elo gär hire Krichsmusee. An d'Gemengeverwaltung huet ët sech suguer 3o ooo Frang kaschte gelooss fir extra e Panzer aus der Schwäiz erbäizekréien, dee sollt um 1.Stack (!) vun der aler Brauerei ausgestallt gin. De Koschter fënnt esou eng Krichserfuerschung lues mee sécher grotesk. A wéini as den Dikrecher Gemengerot bereet, den Dikrecher Jugendlech finanziell ze hëllefen, di den 25.9. e Fest mam Motto "12 Stonne fir de Fridden" organiséiert haten, statt hinnen och nach Hauszëns a Liichtes an enger Héicht vun 8ooo Frang ze froen? Wann s'awer mat engem Krichsmusee Friddenserzéiung wëllt man, da recommandéiert de Koschter hir d'Beispill vu villen engleschen an däitsche Stied nozeman, di sech zu "atomwaffefräien Zonen" erklärt hun. Wann all Gemengen dat man, si nei Lagerungen vun Atomwaffe nët mi méiglech!
An deem selwechte Kontext schléisst de Koschter sech engem Pressecommuniqué vun der "Résistance Internationale des Femmes à la Guerre" (11a, bd. Joseph II, Luxbg.) un, dee sech opreegt iwert eng Hobby-Ausstellung zu Rollëng (Lamadelaine), wou 8 Sammler besonnesch der Jugend näischt besseres ze weise wossten *wi* hir Waffesammlung (nët mat antike Stécker, mä mat méi oder wéineger rezente Mitrailletten, asw.) m.p.

## Überheblichkeit oder . . .?

**LW** – Wie aus unserem Bericht über die Flugzeugkatastrophe herauslesbar, hatten die wackeren Journalisten nicht nur Honiglecken, wenn sie versuchten, an amtliche Informationen zu kommen.

Weisen wir einmal ganz dezidiert darauf hin, daß die Öffentlichkeit einen Anspruch auf weitestgehende Information hat, sofern es sich nicht um Elemente handelt, deren Veröffentlichung Untersuchungen ernsthaft gefährden könnte. Das notwendige Bindeglied aber ist die Presse.

Insofern verrichtet die Presse einen öffentlichen Dienst, dem objektiv nicht weniger Stellenwert beigemessen werden darf als dem, den die öffentlichen Beamten selbst versehen.

Ist denn das so schwer zu verstehen? Ist die Überheblichkeit stärker als Einsicht und guter Wille?

Dies richtet sich vor allem an bestimmte Vorgesetzte! ( L.W. 1.1o.1982)

De Koschter schléisst sech der Kritik u Gendapol gär un, erlaabt sech awer de Froe vum L.W. e puer Froen un d'L.W. unzehänken:
Huet d'Öffentlechkeet nët och Usproch drop gewuer ze gin, wat den Här Y.Arafat dem Poopst z'erzielen hat bei sëngem Besuch am Vatikan?
Huet se nët och Usproch drop gewuer ze gin, dass am Dikrecher Jugendhaus de 25.9.82 "12 Stonne fir de Fridden" organiséiert goufen, dass do e.a. all Parteien iwert dat Thema diskutéiert hun?
Huet se nët och e Recht ze liesen, wat mi kritesch Lieser a Bréiwer un d'Redaktioun schreiwen, statt dass déi ëmmer am Pobeierkuerf landen?
Huet se nët e Recht op Informatioun iwert dat wat um Düsseldorfer Katholikentag (uewen an ënnen) gesot gin as, ir se hallef Wourechten an Ennerstellunge muss liesen, di héchstens Kommentar mä keng Informatioun sin?
Därf de Koschter schliesslech mol eng Kéier öffentlech froen, fierwat de "forum" am L.W. systematesch boykottéiert gët, obschon all Weltanschauungen dran ze Wuert kommen a grad de chrëschtleche Glawen d'Redaktioun animéiert?
"Ist die Uberheblichkeit stärker als Einsicht und guter Wille?"
"Dies richtet sich vor allem an einen Vorgesetzten!" Christ

---

*Auf die Frage, wer den Zölibat eingeführt habe, antwortete ein Gegner dieser Einrichtung: "Das war Papst Impotens VI. durch seine Bulle 'Non possumus'."*

*

*"Hast du heute schon gesündigt?" steht auf dem Plakat, mit dem eine Sekte für ihre Versammlungen wirbt. Mit Lippenstift hat jemand daruntergeschrieben: "Wenn nicht - dann rufe 46 38 16 an!"*

in: Der klerikale Witz, dtv 121o